Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Kultur weiderzeleeden.

An Däitschland leeft am Moment eng Diskussioun iwwert d'Flicht, fir d'elektronesch Kommunikatioun vu Ministeren (z. B. ënnert der Form vun SMS oder E-Mailen) z'archivéieren, fir esou eng ëmfaassend Transparenz am Zesummenhang mat Regierungshandlungen ze garantéieren an d'parlamentaresch Kontroll ze vereinfachen. Dëst ass eng direkt Konsequenz vun der sougenannter « Berateraffäre » ronderëm déi fréier Verdeedegungsministesch an haiteg Kommissiounspresidentin Ursula von der Leyen.

Zu Lëtzebuerg ass mam Gesetz vum 17. August 2018 en neit Archivgesetz a Kraaft getrueden, dat ënnert anerem reegelt, wat als Archiv a wat als ëffentlecht Archiv consideréiert gëtt (Art. 2 points 1-2).

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi behandelt d'lëtzebuergesch Regierung SMS'en an E-Maile vun an tëscht Regierungsmemberen am Kader vum Archivage?

2. Gëtt garantéiert, datt eng politesch onofhängeg Instanz iwwert d'Valeur vun de Kommunikatiounspreuven fir d'Archiven entscheet oder entscheeden d'Ministerë selwer, wat si an d'Archive ginn?

3. Wéi garantéiert d'Regierung, datt historesch Entscheedungen zu engem spéideren Zäitpunkt nach kennen novollzu ginn, wann dës Entscheedungen mat elektronesche Kommunikatiounsmëttelen iwwermëttelt goufen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député